RTL.lu - Life & Style - Mam Vëlo gefuer fir de "Plooschter-Projet"

De 3. Juli 2015 hunn d'Lëtzebuerger Studente vun Karlsruhe (AELK) hir 29. Editioun vun der well traditioneller Vëlosheemrees organiséiert.

Moies um 4 Auer an aller Fréi hu sech 6 Coureueren an zwou Begleetpersoune getraff, fir bei engem Teller Spaghettien déi néideg Kuelenhydrater ze tanken, éier sech um 5 Auer dunn Vëlosfuerer, begleet vun zwou Camionnetten, op de laange Wee Richtung lëtzebuergesch Heemescht gemaach hunn.

Déi Gesamtstreck, déi sech iwwer 230 Kilometer zitt, war opgedeelt a 5 Etappen. D'Streck huet d'Coureure vu Baden-Württemberg iwwert Rheinland-Pfalz an d'Saarland op Lëtzebuerg gefouert. Zu Réimech hu sech dunn nach zwee Karlsruher Ancienen ugeschloss. No 12 Stonnen ass déi ganz Grupp an der Stad um Site vun der BGL ukomm, wou si niewent de Partneren a Parrainen och nach vu Membere vun der "Amicale des anciens étudiants luxembourgeois à Karlsruhe" empfaang goufen.

Den Erléis vu Partenariat a Parrainage fléisst integral dëst Joer un de Lëtzebuerger Projet "Plooschter Projet", an d'Liewe geruff vum Yannick Lieners.

D'Amicale des étudiants luxembourgeois à Karlsruhe seet allen ee groussen Merci a freet sech schonn op dat kommend Joer.